
TONI
GIZMEW
OP DER
SICH NOM
KLEESCHEN

Lire l'histoire en français
Geschichte in deutscher Sprache lesen
Read the story in English
Ler a história em português
Čitati priču na srpskohrvatski

**Éditeur:**
Gemeng Schëffleng

**Redaktioun:**
Service des citoyens et de la communication

**Konzept, Layout & Illustratiounen:**
Service des citoyens et de la communication


**Drock:**
Imprimerie Heintz

Editioun 2025


Virun enger Rei Jore gouf et eng jonk Kaz zu Schëffleng mam Numm Toni Gizmew.
Den Toni Gizmew war ëmmer de virwëlzegsten a couragéiersten ënnert all senge Frënn.


Ma och dowéint ass et kee Wonner, datt den Toni ënner all de Kazen déi war, déi sech als Zil gesat hat, de Kleeschen um Nordpol ze fannen.


Net laang gezéckt huet den Toni sech op d'Schlappe gemaach.
Vu Lëtzebuerg op den Nordpol - dat ass nawell e Stéck.


Iwwer d'Mier mam Boot, d'Bierger erof mam Schlitt.
Iwwer déi éischt Wochen huet den Toni Freed dru fonnt, eis konterbont Welt z'entdecken.


BRRR
Mee wat e sengem Zil méi no koum, wat et him net nëmme méi kal ginn ass, mee en huet och no senger Famill a senge Frënn verlaangert.


Net méi wäit ewech vu sengem Zil ass et du geschitt: dem Toni Gizmew ass e Ski gebrach.
Eleng am Schnéi louch en do ouni Energie an huet realiséiert, datt e seng Rees net packe géif. Mee wéi elo erëm déi Dausende Kilometer heem kommen?


Ma wéi aus dem Näischt huet hien op eemol deen hellste Stär, deen den Toni jee gesinn huet, um Himmel erbléckst.
Et war net ze gleewen, de Stär ass ëmmer méi no komm…


Den Toni Gizmew konnt sengen Aen net gleewen… Dat war kee Stär oder Blëtz, nee dat war de Kleesche mat sengem Ieselchen, dee grad iwwert e geflunn ass an elo e puer Meter virun him gelant ass.


De Kleeschen huet mat senger waarmer Stëmm den Toni Gizmew ugeschwat „Toni, Toni, Toni Gizmew, däin Äifer huet dech awer dës Kéier richteg a Gefor bruecht."



Den Toni sot: „Kleeschen, du kenns mäin Numm?“
2025
Brav:
„Ohohoho Toni, ech kennen d’Nimm vun all de Kanner a weess natierlech och wie sech an dësem Joer geschéckt huet. Mee elo, Toni, ass dat Wichtegst, datt mir dech erëm zeréck bei deng Famill a Frënn an däi waarmt Doheem bréngen.“



Ma stellt iech mol vir, wéi den Toni Gizmew
gekuckt huet, wéi hien zesumme mam
Kleeschen a sengem Ieselche fléien duerft.
Si waren esou séier wéi de Blëtz.
Ma net emol an enger Stonn ware si vum
Nordpol zeréck zu Lëtzebuerg.


Den Toni huet dem Kleesche mat enger häerzlecher Ëmaarmung Äddi gesot a gefrot „Kleeschen, kréien ech dëst Joer och e Kaddo fir Kleeserchersdag?“
De Kleeschen huet geschmunzelt a sot „Dat mäi léiwen Toni Gizmew bleift eng Iwwerraschung.“


Dem Toni war dat awer souwisou net méi sou wichteg.
Hien ass séier a säi schéi waarmt Doheem gelaf, huet dem Kleeschen nach Äddi gewonk an huet seng Famill dunn esou fest a laang ëmaarmt, ewéi nach ni.


Den Toni Gizmew wosst elo, datt et dee gréissten a schéinste Kaddo ass, wann ee seng Famill a Frënn ronderëm sech huet an dat schéint Zesummeliewe mat hinnen ka genéissen.


Den nächsten Dag war et endlech esouwäit - et war Kleeserchersdag. Den Toni ass mat senge véier Geschwëster d'Trapen erof gerannt fir ze kucken, ob de Kleeschen och wierklech Kaddoe bruecht huet.


Ma wéi dir iech et bestëmmt scho virstelle kënnt, hat och den Toni Gizmew sech dat ganzt Joer geschéckt a krut dofir e flotte Kaddo vum Kleeschen. Déi Fairtrade Ski déi en sech schonn esou laang gewënscht hat.
YUPPi

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

FAIRTRADE

Schëffleng ass eng Fairtrade-Gemeng! De Baueren an anere Länner hëlleft et, wa mir hei Saache wéi Schockela, Banannen oder Kleeder kafen, déi e Stempel vu „Fairtrade” hunn. Well nëmme sou gi si gerecht bezuelt fir hir ganz Aarbecht.
Dat ass fair a gutt fir d’Welt!

Schëffleng mécht mat beim Gemengepakt vum „Zesummeliewen“ – dat bedeit, datt mir hei wëllen, datt jidderee sech wuel fillt, respektéiert gëtt an zesumme mat anere ka liewen, egal vu wou e kënnt oder wéi en ass. Dat mécht Schëffleng zu enger oppener an häerzlecher Plaz fir Grouss a Kleng!

Zësumme liewen

GEMENGEPAKT

SCAN ME!



GEMENG
SCHËFFLENG